
# ALTWIS

Hemechtsduerf vun de
Bildhaer Greeff (1695-1761)

Feiert d'Asenung vun sénger « Greeff-Kierch »
an neie Kleed
e Sonndeg, 13. Abrël 1986




## Altwis (Wis) un der Aalbaach (Gander)

**Wis** – Duerf vun de **Steebrech**, an dene fréiere munch Wiisser matt haarder Aarbecht hir Kuuscht verdéngt hun.

Duerf, dat virun é puer Joerzéngten nach bekannt war duerch séng dräi Millen (Bäkkeschmillen, Hengechersmillen a Kaaschtelmillen), vun denen der haut zwou ofgerappt sinn, an déi drëtt brooch läit.

Duerf, dat **d'Kaaschtelkapell** um Kaaschtelbierg ze betreien huet, d'Kapell déi géint 16. Joerhonnert gebaut gin as, iwwert de Ruine vun engem réimesche Kastell.

Duerf, an deem den eemoleje Komplex vu Kierch, Lourdesgrott a Monument opfällt.

Duerf, **Hemechtsduerf vun de Bildhaer Greeff**, déi vun 1695 bis 1761 härlech Barockwierker geschafen hun.

## De Numm vun der Uertschaft.

Am Joer 811 huet de Groussgrondbesëtzer Hericus dem Klouschter vun Iechternach säi Grondbesëtz zu « Wisse in page muslense » vermat. Bei deem « Wisse » handelt et sech ouni Zweiwel em dat hautegt Altwis, well keng aner Uertschaft mat dem Numm Wis noweise kann, dat Iechternach do Gidder gehat hätt, wat iewel fir Altwis erwisen as.

Folgend Nimm sin a Manuskripten ze fannen : Wis (1057, historesch Sektioun Lëtzebuerg), 1302 heescht et Wiez an zënter 1415 Altwies, franséisch Altvisse.

## Zënter wéini sin Usidler zu Wis festzestellen ?

Opzeechnungen am interessante Buch « Altwies und seine Ortsgeschichte » vum fréiere Wiisser Schoulmeeschter J.P. Molitor gin eis Bescheed :

Schon a prähistorescher Zäit haten sech Mënschen hei ugesidelt, wat bewisen as duerch Waffen an Handwierksgeschier wat op dem Flouer font gin as, an och duerch Schläifrillen an de Fiels-iwwerhäng.

Och d'Kelten oder Gallier, déi géint 1500 viru Christus vun Osten hir erumarschéiert sin, fir sech a Frankräich, Belgien an och an eise Géigenden nidderzeloossen, hun hiren Openthalt zu Wis dokumentéiert duerch d'Zréckloossen vun Aarmréng a Waffen aus Bronz. Et as och e kelteschte Graf nët wäit vun der Leemillen blous geluet gin.

Wéi am Joer 51 viru Christus Gallien vum réimesche Krichsmann Julius Cäser eruwert gin as an eng vun dene Krichsstroossen déi d'Réimer gebaut hun, Metz mat Tréier verbanne sollt, as déi Strooss (Kiem) vun Thionville, laanscht Wis op Duelem zou gaang. Well zu Duelem d'Réimerstad Ricciacum entstan as, hun d'Réimer als Virposten, zu Wis, op der Héicht wou haut d'Kaaschtelkapell steet, e Kastell opgeriit. Vill Fonden aus der gallo-réimescher Zäit, aus Wis stamen, sin am Musée zu Lëtzebuerg.

Zur Zäit vun der Völkerwanderung hun, allem Uschäin no, am Joer 451 d'Hunnen ënnert hirem Kinng Etzel oderAttila de Kastell dem Äerdbuedem gläichgemat, esou wéi dat hire Brauch woar. Wiisser Flouernimm erënneren un déi Zäit : ënnert Etzel, an den Hunnestécker, am Hunnelager.

Och aus fränkescher Zäit si Waffen a Griewer zu Wis font gin (459-963).

## Déi kierchlech Verhältnisser

Et gët ugeholl, datt kuerz no 811 d'Klouschter vun Iechternach, dat jo eng Proprietéit zu Wis vermat kritt hat, derfir gesuergt huet, datt iwwert enger heednescher Kultplaz, do wou déi hauteg Kierch

op dem Fiels mat de Schläifrille steet, eng kleng Kapell gebaut gin as.

Wis soll 1309 zur Poar Obeler (Abweiler) bei Betebuerg gehéiert hun.

1309 as Wis, zesumme mat Elwéngen zur nei konstituéierter Poar Munnerëf geschloe gin (Munnerëf selwer hat bis dohin zu Poar Pëttléngen (Puttlange) gefhéiert).

Emsoss hun déi Wiisser géint déi Léisung geknoutert. Als hrer Meenung no, méi importent Uertschaft wéi Munnerëf, wiren si gäer eege Poar gin. Emsoss.

En neien Appell am Joer 1571 as och ouni Echo bliwen, trotz den ugeféerte Grënn : Mir hun eng Kierch – E Poarhaus mat Widdem – helleg Gefäässer a liturgesch Gewänner. Och d’Kaaschtelkapell gehéiert zu Wis …

Erésicht 1874 as de Wonsch erfëllt gin. Deemols ass och déi nei Kierch gebaut gin. Si as de 14. Juni 1875 vum Här Bëschof N. Adames benedizéiert gin. Den Här Bëschof Joh. Joseph Koppes huet se den 23. Mä 1902 konsekréiert.

## Greeff-Wierker an der Kierch zu Wis.

Interessant as folgende Bericht : Den 13. August 1755 as de Weibëschof vun Tréier J.N. Honhtheim no Munnerëf kom zur Visitatioun vun der Poar. Am Bericht steet ënner anremen : … an der Filialkierch vun Altwis stin **dräi konsékréiert Altäer**, déi als Kierchemiwel an deer neier Kierch erëm opgestallt gi sin, d.h. däi zwéin Säitenaltär ouni deen 3. Altoer, vun deem am Bericht rieds geet (dee woar, laut Aussoe vun eelere Leit, bei engem Brand an der aller Kierch zerstéiert gin).

Am Bericht gin nach ernimmt a sin an eiser Kierch ze gesin : e Priedegtstull, zwee Beichstill (een dervun feelt haut) an e puer Statuen.

Et sin och Barockskulpturen vun de Bildhaer Greeff vu Wis.

D’Bildhaer Freeff, déi hiren Atelier an den Dependenzien vum Haus Schmit-Mousel haten, hun intensiv geschafft, an et sin hirer Wierker ze fannen uechter d’Land bis an d’Éisléck erop, ma och am Tréirer an am Lothrénger Raum. Vill si signéiert N.G. (Nicolas Greeff).

D'Kierchefabrik vu Wis hat d'Chance, vun 1984 un, Greeffelementer a Statuen ze entdecken, an an hire Besëtz ze kommen duerch Ukaf, Schenkung oder « Zurverfügunggestallt-kréien ». Esou woar et méiglech, dee felenden 3. Greeffaltoer ze rekonstruéieren, dank der Kompetenz vum Skulptor Francis Salm vu Réimech an dem Polychromeur Carlo Bettendorf vu Käl. Amateur-Kënschtler aus eisem Duerf hun e stilgerecht Liespult an en Helleg-Geescht-Embleem beim Dafsteen aus Greeffskulpturen zesummegesat, an och handgeschmidden Barock-Käerzestänner geschafen.

Den 13. Abrël 1986 woart zu Wis, dem Hemechtsduerf vun de Bildhaer Greeff, eng harmonesch Greeffkierch op de Bëschofleche Segen.

**Sonndeg, den 13. Abrël 1986**

**ASENUNG**

**vun der « Greeff-Kierch »**

**zu Altwis**

**an hirem neie Kleed**

15.45 Auer : Empfank vum Här Erzbëschof Mgr Jean Hengen an den Éiregäscht bei der Schoul zu Altwis.

16.00 Auer : Konzeblebréiert Mass mam Här Bëschof vu Lëtzebuerg.
Et séngt d'Chorale vu Munnerëf ënnert der Directioun vum H. Robert Bever ; un der Uergel, den H. Paul Lenert

17.00 Auer : Éirewäin am Festsall vun der Schoul fir all Leit déi un de Feierlechketen deelgeholl hun.

(Text vum Abbé Ernest Hentzen)